

## **Evangelium vu Pällemsonndeg C** **Lk 23, 1-49 (Kuerzfaassung)**

### **{{{KONTEXT}}}**

A jiddferengem vun deene véier Evangelie fanne mer eng Erzielung iwwert dem Jesus säi Leiden (Mk 14-15 ; Mt 26-27 ; Lk 22-23 ; Joh 18-19) ; d.h. alle véier bekennen si sech zum Kräiz – wat deemools net evident war : den Doud um Kräiz war d'Doudesstrof fir Sklaven an Opstänneger; fir e Judd war vu Gott verflucht, wien um Holz houg (Dtn 21, 22f) ; e réimesche Bierger ass gekäppt ginn, awer ni gekräizegt. – Et kann een esouguer esou wäit goen a soen, déi véier Evangelien géife richteg op d'Passioun duersteieren. – Och wann all Evangelist senger Passiounserzielung säi perséinleche Stempel opgedréckt huet, mat Elementer, déi him a senger Gemeinschaft extra wichteg waren (wéi och soss queesch duerch d'Evangelien), sou hu mer et mat dësen Erzielunge wahrscheinlech mat dem eelste Kär vun der urchrëschtlecher Iwwerliwwerung ze dinn. – No der Erfahrung vun Ouschtere war alles anescht, an de Jesus gouf an engem anere Liicht gesinn – e Brëll duerch deen erduerch säi ganzt Liewen anescht gesi gouf a munnech Froen sech anescht gestallt hunn. - Am Lk gëtt d'Passioun explizit vun 9, 51 uns virbereed, wou de Jesus sech op de Wee erop op Jerusalem mécht ; säi Leidenswee entsprécht deem, wat schonn an der Schrëft (eistem Alen Testament) fir de Messias virgesi war (cf. 9, 22 ; 13, 33 ; 17, 25 ; 22, 21-23, 37) well et schlussentlech ëmt dem Jesus seng Ausernanersetzung mat der Muecht vun der Däischtert geet (22, 3. 31f. 35-38. 53 ; cf. 4, 13); d'Jünger verstinn dat allerdings eréischt no der Erfahrung vun der Operstéiung (24, 27.44). An esou kënnen si dem Jesus säi Wierke viruféieren (= d'Apg).

### **TEXT**

#### **Déi Eelst vum Vollek, d'Hohepriister an d'Schrëftgeléiert hunn de Jesus bei de Pilatus gefouert (V. 1) :**

Am liturgeschen Text ginn déi Leit, déi de Jesus (dem Lk no, freides mueres fréi) virun de Sanhedrin (waren déi 71 Memberen och all do?) gefouert haten (22, 66), zu Ugangs genannt, nämlech déi Eelst, d'Hohepriister, an d'Schrëftgeléiert, wahrscheinlech e Grupp vun engen 10-12 Leit, déi dem Hohepriister bei sengen Amtsgeschäfte zur Säit stoungen. De Sënn an den Zweck vun dier « Anakrisis » (Vir-Prozess) schéngt ze sinn Ukloppunkten ze sammelen, déi en Doudesuerteel fuerderen (de V. 70 ass fir si eng Gotteslästerung, déi mam Doud bestrooft gi muss ; fir en Uerteel geet d'Stëmm vun 23 Memberen duer). Esou hiewen déi genannte Leit sech dann a féieren de Jesus bei de Pilatus, de Prokurator (e réimesche Ritter, vu 26-36 Präfekt a Judäa, wunnt meeschtens beim Mier zu Cäsaräa ; e gudden Diplomat, awer bekannt als Juddenhaasser) deen zu Jerusalem war, well fir d'Pessachfest immens vill Leit zu Jerusalem waren an d'Situatioun deemno och immens explosiv war ; hien eléng hat d'Recht en Doudesuerteel auszuféieren, resp. ausféieren ze loossen (= Koerzitiounsrecht). – A scho ganz fréi gouf am Credo festgehalten : 'crucifixus etiam pro nobis sub Pontio Pilato'.

#### **Si hunn ugefaang hien unzekloen, a soten ... (V. 2) :**

An de Vv. 67-71 gëtt de Jesus ausgefrot, ier hien éiren de Messias wier. Dat interesséiert de Pilatus awer séier wéineg, an esou sinn d'Ukloppen, déi si him opdëschen anerer, resp. anescht ausgedréckt : bei der Fro no de Steieren hat de Lk schonn duerchblécke gelooss, datt dat e Problem géif ginn (cf. Lk 20, 20-26), an si präsentéieren de Jesus elo als politesche Messias, also Kinnek, op deen effektiv vill Leit deemools gewaart hu fir d'Réimer erauszegeheien an dem David säi Räich erëm opzeriichten. Duerop, dat wëssen si, muss de Pilatus reagéieren (cf. Apg 17, 7), an et ass och heiweinst wou de Jesus veruerteelt gëtt (**Lk 23, 30** ; cf. Mk 15, 9.12.18//) och wann de Fuuss vu Pilatus « vun de Judden » hannert « Kinnek » setze léisst. Datt d'Delegatioun vum Sanhedrin (an deem jo och Collaborateuren = Sadduzäer waren) bewosst den Akzent op de politeschen Aspekt vum Messias-Kinnek leet, ass offensichtlech ; mee, et ass awer guer net kloer, ier si dat aus Béisegt maachen, oder, ier et hinne wierklech drëms geet e politesch geféierleche Mënsch aus dem Wee ze schaaffen, well si keng politesch Revolt gebrauche kënnen. Leider gouf an deene vergaangene Jorhonnerte vill ze wéineg no der deemoleger verwurrelter politesch-reliéiser Situatioun gefrot, an d' « Judden » vill ze séier einfach als déi Béis dohigestallt.

(An de Vv. 2-25 gëtt de Lk par rapport zum Mk an zum Mt eng eege Versioun vum Jesus sengem Prozess erëm ; hien huet an der Passiounserzielung de Mk 15, 1-20b sécherlech iwwerschaaft, mee och Material aus senger eegener Quell ('Sondergut') mat verschafft. An et ass ëmmer interessant, wann een Evangelist vun deenen aneren ofwächt.)

### **De Pilatus huet hie gefrot : ... (Vv. 3-5) :**

De Lk respektéiert (tselwescht wéi de Joh, anescht wéi de Mk an de Mt) d'Prozedur virun engem réimesche Geriicht : d'Uklo a Präsenz vum Ugekloten, duerno Verhéier vun dem Ugekloten, wou deen och äntwere kann. De Lk entlaascht de Pilatus : dräimol erkläert hien de Jesus net schëlleg (**Vv. 4.14.22**) ; d.h. d'Réimer hunn de Jesus net als Staatsfeind veruerteelt, also sinn och d'Chrëschten an deem Jesus senger Nofolleg keng Staatsfeinden. Hei stécht dem Lk säin Uleies fir d'Heedechrëschten ervir. (Anerersäits läit zur Zäit vun der Néierschrëft vum Lk d'Kromm tëscht de Pharisäer an den urchrëschtliche Judde-chrëschtliche Gemeinschaften schonn zimlech an der Heck – wat sech dann och hei an dese Versen a massiv an der Apg, cf. 2, 23.36 ; 3, 13-15 ; 4, 10 ; 5, 30 ; 13, 27, 28, 23-28, erëmspiggelt. – Och Leit wéi d'Evangeliste waren nëmme Mënschen....)

(Dem Jesus seng Äntwert 'Du sees et' am **V. 3** kann heeschen 'jo', oder awer och 'du sees dat, net ech' (cf. Mk 15, 2b// ; Joh 18, 37ff wou hien den Titel richteg verstane wësse wëllt). Dat Zweet ass wuël éischer de Fall, well wann de Jesus einfach 'jo' gesot hätt, dann hätt hien deen Titel tel quel ugeholl, hien dee mat Titelen esou virsichteg ëmgaangen ass.)

### **Wéi de Pilatus dat héieren huet, huet hie gefrot ... (vv. 6-12) :**

Den Herodes Antipas (cf. 3, 1.19f ; 8, 3 ; 9, 7-9 ; 23, 6-12.15 ; Apg 4, 26-28 ; 13, 1) war Tetrarch vu Galiläa a Peräa vu 4 v.Chr.-39 n. Chr. ; säin Optritt an der Passiounserzielung hat de Lk schonn a 9, 9 virbereed ! Hien huet laang misse waarde bis hien de Jesus entlech vun no gesäit ; esou freet hien dann och vill, wourop hien awer keng Äntwert vum Jesus kritt (**V. 9**) ; d'Delegatioun vum Sanhedrin

schwätzt ëmsou méi **(V. 10)**. – Enttäuscht gött den Herodes dem Jesus zesumme mat sengen Zaldoten seng Veruechtung ze spieren **(V. 11 ; cf. Mk 15, 16-20//)** ; verkleed gött de Jesus hannescht bei de Pilatus geschéckt **(Vv. 11-12)** : déi « Witzfigur » do ass vläicht e reliéise Fanatiker, awer op kee Fall e politesche Rebell, dee Roum fäerte misst ! Dëse Geste vum Herodes schéngt dem Pilatus gefall ze hunn **(V. 12)**.

**De Pilatus huet d'Hohepriister, déi lewescht an d'Vollek zesummegeruff a sot zu hinnen : ... (Vv. 15-25) :**

Den Herodes huet dem Pilatus keng Décisioun ofgeholl, mee hien de Pilatus awer a senger Meenung bestärkt ; elo versicht de Pilatus dann och den Hohepriister, den leweschten an esouguer dem Vollek (wat sécherlech iwwerdriwwen ass) kloer ze maachen, datt hien hinnen entgéint kënnt an de Jesus gäissele léisst, fir datt hien sech an Zukunft roueg verhält. Mee, seng Rechnung geet net op. Géint dat ëmmer méi haart Gejäiz kënnt och de réimesche Präfekt net un **(Vv. 18.21.23)**, an d'Stëmmung ass souwisou schonn explosiv. – An elo, verzielt äis de Lk, kënnen 'si all matenee' wielen, ier si léiwer de Jesus, dem Herrgott säi Jong (cf. V. 22, 70) oder de Raiber Jesus Barabbas, (op aramäesch) 'dem Papp säi Jong' fräi hätten – déi véier Evangelie verzielen, datt de Pilatus op dës Manéier versicht huet de Jesus fräi ze kréien (Mk 15, 6-15// ; Joh 18, 39f). (De juddesch-réimesche Geschichtsschriiwer Josephus gebraucht dat Wuert 'Raiber' (lästäs) fir gewalttätég Zeloten, cf. Bell II 13.2.3.). (Et ass komesch déi zwéin Nimm niewteneen ze gesinn, well de Jesus Gott mat 'Abba' uried, hien also op Aramäesch selwer dem 'Papp säi Jong', de 'Bar-Abbas' ass.) D.h. : de Pilatus huet gemierkt, datt hien an enger Zwéckmillchen ass a gräift, als lescht Mëttel fir net d'Gesicht ze verléieren op eng, bei de Réimer méiglech, Kuerzform vun engem Referendum zréck; d'Vollek soll entscheeden. Mee, d'Vollek wielt net nëmmen de Barabbas, neen, d'Vollek decidéiert esouguer, wéi de Jesus stierwe soll **(Vv. 21.23)** ! (Spéiderhin ass d'Vollek net méi enger Meenung, cf. **Vv. 27.35 ; 24, 19f.**) An de Pilatus deet hinnen de Wëllen **(Vv. 24f)**. – Déi ganz Szeen iwwer huet de Jesus scheinbar nëmmen eng Statisteroll : hie seet näischt, hie mécht näischt, hie reagiert net op déi ellen Doudesstrof : wann een d' Kapitele 22-23 eenzock liest, kann ee verstoen, datt zënter dem Gebied um Olivebiereg (22, 39ff) fir de Jesus alles decidéiert ass ; de Lk weist hien als Beispill vun engem Mënsch, deem säi Vertrauen op Gott = Glawen och an dëser Situatioun duerhält. Bis zulescht **(V. 46)**.

(De V. 17, deen, wéi a Mk 15, 6// seet, datt de Pilatus d'Gewunnegt hat, hinnen bei Geleenheet vum Fest e Prisonnéier fräi ze loossen, felt a villen alen Manuskripter.) – No réimeschem Recht gött d'Uerteel direkt ausgefouert :

**Wéi d'Zaldoten de Jesus fortgefouert hunn, hunn si e gewësse Simon vun Zyrene ... (V. 26) :**

Wann een den Enchaînement beim Lk liest, kéint ee méngen, d'Gäisselung wier ewechgelooss ginn (anescht wéi beim Mk, Mt, Joh). Deemno dréit de Jesus beim Lk och keng Därekröun. D.h. datt hien op aner Saachen insistéiere wëllt : de Simon vun Zyrene - eng griichesch Kolonie un der Nordafrikanescher Küüst, wou vill Judden an der Diaspora gelieft hunn -, dee grad vum Feld koum (// Mk 15, 21 ; Mt 27, 32 dee präziséiert, vu wou de Simon senge Leit bekannt ass) kritt dem Jesus säi Kräiz (de Querballek, de 'patibulum') opgelueden 'fir datt hien dem Jesus et nodroe

sollt' ! Doduerch datt de Lk sech bewusst esou ausdréckt (vergläicht emol dem Mk an dem Mt hir Formulatioun !) mécht hien aus dem Simon d'Virbild fir d'Jünger, déi dem Jesus d'Kräiz nodroe sollen ! Woubäi d'Kräiz nodroen, wann een duerch d'Evangelium kuckt, net heesche soll, datt de Jünger muss als Märtyrer stierwen, mee, d'Kräiz nodroen heescht (cf. 9, 23ff ; 14, 27ff), sech net am Mëttelpunkt gesinn an zréckrieden, wann et ëmt méi Héiges geet ; an an deem Sënn als Virbild gëtt de Jesus vum Lk gewisen, wéi hien bis zulescht Leit heelt (cf. Lk 22, 51), verzeit **(23, 43)** an op Gott vertraut **(23, 46)**. – Et muss een awer och soen, datt de Lk dem Simon seng Reaktioun net beschreiw, mee hien als Symbolesche Jünger dohistellt; de Simon war dee Moment sécherlech net begeeschtert... (Wuertwiertlech verstanen hunn déi Pilger dat Kräiz-nodroen, déi zënter dem 4. Jorhonnert zu Jerusalem dem Jesus säi leschte Wee noginn ; natierlech ass dat o.k., keng Fro, mee, de Sënn, deen d'Kräiz op sech huelen' an 'dem Jesus et nodroen' duerch d'Evangelium erduerch huet, därerf dobäi net vergiess ginn.)

**Vill Leit aus dem Vollek sinn dem Jesus nogaang. Och Frae waren derbäi, déi sech un d'Broscht geschloen an ... (Vv. 27-31) :**

Déi Szeen hei fanne mer just beim Lk. De Jesus gëtt duergestallt als deen, dee bis zulescht sech als Prophét weist a vun sech ofgesäit ; et gi Motiver opgegraff **(Vv. 28-31)**, déi scho virdrun am Evangelium ugeklonge sinn (cf. 11, 50f ; 13, 34f ; 19, 41ff ; 21, 20ff ; d'Zerstéierung vu Jerusalem am Joer 70 zeechent sech of) an déi och un altestamentlech Texter erënnere (cf. Zach 12, 10-14 ; Hos 10, 8 ; Jes 3, 16) ; an d'Volk ass guer net esou géint de Jesus, wéi een dat no de **Vv. 13ff** hätt kënne méngen.

**Et sinn och zwéi Verbriecher dohi gefouert ginn, fir mat dem Jesus higeriicht ze ginn (V. 32) :**

De Lk verzielt als Eenzege, datt och zwéi Verbriecher mat erausgefouert ginn ; eréischt bei der Szeen um Kräiz schwätzen déi véier Evangeliste vun deenen zwéi Matgekräizegten. Beim Lk allerdings sinn si einfach 'Verbriecher', bei deenen anere 'Banditen' (lästäs, wéi de Barabbas), also graff gesot, Partisanen, gewalttätig Zeloten ; fir de Lk ass et awer wichteg ze weisen, datt de Jesus, entgéint deem, wat d'Delegatioun vum Sanhedrin dem Pilatus verzielt huet an deem, wat op der Tafel uewen um Kräiz steet **(V. 38)**, kee Staatsfeind vu Roum war (cf. och wéi de Pilatus duergestallt gëtt) an ze weisen, datt sech d'Schrëft erfëllt (cf. Jes 53, 12).

**Wéi si op déi Plaz koumen, déi Doudekapp genannt gëtt, ... (V. 33) :**

Dësen Hiwel virun den Diere vu Jerusalem hat wahrscheinlech d'Form vun engem Doudekapp ; e louch e puer honnert Meter ewech vum Prätorium ; et war en ale Steebroch, deen als den Dréckstipp fir Potterie genotzt gouf, déi vill befuere Strooss op Jafo an Cäsaräa geet do un, an déi aus alle Richtunge koumen, sinn hei laanscht gaangen. – D'Kräizegung selwer gëtt an deene véier Evangelien nëmme ganz knapps ernimmt : d'Leit deemools, wéi d'Evangelien néiergeschriwwen goufen, hunn nëmme ze gutt gewosst, wéi déi grausam Prozedur war.

**De Jesus awer sot : « Papp, verzei hinnen, ... ! » (v. 34) :**

A verschiddenen alen Handschräfte feelt dëse Saz, mee, en entsprécht awer dem Lk senger Iwwerzeegung : esou widderhëlt de Stephanus dëst Gebied (Apg 7, 60, cf. 3, 17 ; Lk 12, 10).

Elo gëtt e puermol e Psalm zitíiert ; fir de Lk weist dat, datt sech an dem Jesus sengem Doud d'Schréft (eist Aalt Testament) erfëllt huet, cf. **23, 34** = Ps 22, 19 (wéi beim Mk a beim Mt), **V. 35** = Ps 22, 8, **V. 36** = Ps 69, 22, **V. 46** = Ps 31, 6, **V. 49** = Ps 38, 12 (idem fir d'Zitater aus dem Alen Testament um Wee op den Doudekapp). Weider erkennt een am **V. 44** = Ex 10, 22 ; Am 8, 9f an am **V. 48** = Zach 12, 10. Explizit gëtt de Jesus/de Lukas dësen altestamentleche Schlëssel un um Wee op Emmaus (24, 25-27. 44-46).

Spéitstens elo ass kloer : et geet dem Lk, wéi sengen Evangeliste-Kolleegen, net an éischer Linn ëmt en historiesche Rapport iwwert dat, wat do freides, de 14. Nisan, also de 7.4., vum Joer 30 eiser Zäitrechnung zu Jerusalem geschitt ass, mee, ëmt Theologie, well a senger Passioun weist de Jesus mat grousem Nodrock, wien hien ass. – Datt de Jesus um Kräiz gestuerwen ass, steet ausser Fro : esou eppes Schlëmme, wat jo fir e Judd gewisen huet, datt de Jesus net de Messias si konnt, a fir e Réimer, fir dee seng Götter Helde waren, ongeheierlech war, hunn déi éischt Chrëschten net erfonnt. Mee, dës Tatsaach mat deenen historieschen Elementer, déi si iwwerliwwert kritt haten (d'Evangelie sinn néiergeschriwwe gi wéi déi lescht Aenzeien lues awer sécher ausgestuerwe sinn !) goufe vun den Evangeliste quasi mat Theologie gefierwt – et brauch een nëmmen d'Szeen vun der Kräizegung vun deene véier Evangelien a Synopse ze liesen, oder, méi kuerz, ze vergläiche wat de Jesus bei wéi engem Evangelist um Kräiz seet, fir dat ze gesinn. – Dat heescht net, datt d'Evangelisten eppes einfach erfonnt hätten ! Neen, mee net d'Fro no dem « wéi war et ? » war fir si interessant, mee, de Sënn, d'Bedeutung, déi iwwert déi brutal Realitéit erausgewisen huet !

### **... Anerer huet hie gerett, da soll ... (V. 35) :**

Hei ass nach eng Kéier déi drëtt Versuchung aus der Wüüst, déi ukléngt (cf. Lk 4, 9ff) an d'Stëmm aus der Wollek (cf. Lk 9, 35 = eng Uspilling u Jes 49, 7, de leidende Gottesknecht). – Mär dinn eis méi schwéier mat dëse Referenzen un d'Aalt Testament ; wéi d'Evangelien néiergeschriwwe goufen, waren d'Leit, entweder Judden oder Proselyten, also Leit, déi mat dem juddesche Glawe sympatiséiert hunn, dës Aart a Weis vu Léier, dës Aart a Weis vu Katechees gewinnt. Dowéinst war fir si villes op den éischte Bléck/op d'éischt Héieren hi verständlech, wou mär eis dru stoussen, well mär dat eben net méi gewinnt sinn.

### **D'Zaldoten, déi komm sinn, fir him Esseg ze bréngen, ... (Vv. 36-37) :**

An de **Vv. 37.38.42** weist de Lk wéi dem Jesus säi Kinnek-si falsch verstane gëtt. (Engem um Kräiz Esseg, gemëscht mat Waaser, ze drénken ze gi konnt anscheinend direkt déidlech sinn. Anerer awer méngen, deem um Kräiz säin Dusch ze läsche wier grausam, well et d'Qual verlängert.)

### **Iwwer him hong e Schëld : ... (V. 38) :**

Vun dësem Schëld verzielen déi véier Evangelien. An et entsprécht dem Brauch deemools, souwuel bei de Judde wéi bei de Réimer, engem Veruerteelte säi Verbriechen de Leit matzedeelen ; an de Jesus ass effektiv vum Pilatus als

politesche Kinneksprätendant higeriicht ginn. Beim Lk steet just 'dat hei ass de Kinnek vun de Judden' (wéi beim Mk), wat dem réimesche Brauch entsprach huet ; wien dee Veruerteelte war, oder vu wou war hinnen eegal, eléng d'Verbrieche huet si interesséiert.

### **Ee vun de Verbrieche, déi mat him gekräizegt gi waren, ... (V. 39) :**

Als leschte lästert deen ee Matgekräizegten de Jesus (no den leweschte vum Vollek an no den Zaldoten).

### **Deen aneren awer huet dësem Virwërf gemaach a geäntwert... (Vv. 40-42) :**

Deen zweete Verbrieche gleewt un dem Jesus seng Onschold (wéi am V. 47 och den Centurio, deen esouguer fënnt de Jesus wier 'gerecht' gewierscht ; de Jesus ass dee Gerechten, dee leide muss , cf. och Apg 3, 14 ; 7, 52 ; 22, 14), an, opschonns hien e Verbrieche ass, versicht hien a leschter Minutt d'Kéier ze kréien. – De 'Kaddisch' ass dat juddescht Gebied, dat och am Kontext vum Doud gebied gëtt ; den Tenor an deem Gebied ass, datt dem Herrgott säi Räich entstoe soll (cf. den 'Eise Papp' !) ; deem zweete Verbrieche seng Wieder erënneren un de Kaddisch ; de Lk bezitt déi Wieder awer op de Jesus, well fir hien de Jesus vum Papp geschéckt ass fir dem Herrgott säi Räich opzebauen. D.h. datt dee Verbrieche hei en immense Credo seet. - Den Doud um Kräiz ass e qualvollen Doud duerch Erstécken : do hält ee wuël kaum nach esou grouss Rieden; also läit dem Lk säi Message entzouch anescht : fir hien ass et wichteg ze weisen, datt de Jesus sech bis zum Schluss deenen Ausgestoussenen hirer unhëlt an et ni ze spéit ass d'Kéier ze kréien.– Dem Jesus seng Äntwert fällt deemno gutt aus : haut nach (de Lk huet ëmmer erëm am Evangelium op den 'haut' vun der Rettung, vun dem Emdénke gepocht) ass de Verbrieche mat him bei Gott.

### **Et war schonn ëmt déi sechst Stonn, dunn ... (Vv. 44-45) :**

Déi sechst Stonn = fir ganz genee ze sinn, tëscht 10.45 bis 12 Auer (am Summer huet den Dag am Réimesche Räich 5.45 Auer muères ugefaangen ; 5.45 - 7 Auer = déi éischt Stonn ; déi néngt Stonn = vu 14.30 - 15.45 Auer).

Bei de Synoptiker gëtt dem Jesus säi Stierwe begleet vun apokalypteschen/endzäitlechen Zeechen (beim Lk 'dräi Stonnen Däischtert am ganze Land' déi un Ex 10, 22 an un Am 8, 9-10 erënneren); domadder wëllen si weisen, datt dem Jesus säin Doud vu weltwäiter a weltbeweegender Bedeitung ass; dee Moment huet d'Endzäit ugefaangen.

### **De Ridde vum Tempel ass an der Mëtt duerchgerass (V. 45) :**

Hannert dësem Ridde war dat Allerhellest, wou den Hohepriister nëmmen 1x/Joer eragaangen ass (cf. Ex 26, 33) : dee Ridde ass an der Mëtt duerchgerass (cf. och Mk Mt 27, 51//), d.h. datt vun elo u jiddfer Mënsch fräien Zougank huet zum Allerhellesten, zu Gott. Jiddfer Mënsch, d.h. Judde grad wéi Net-Judden, wat jo dem Lk e speziell Uleies war.

### **De Jesus huet haart geruff : ... (V. 46) :**

Beim Mk deet de Jesus en haarde Kreesch an haucht dann aus. Historesch gesinn, ass dat wuël dat, wat dem Doud um Kräiz entsprieche kann ; de Lk vergësst net, nach eng leschte Kéier drop hinzeweisen, wéi de Jesus säin Doud verstanen huet : als e Vertraue bis zum batteren Enn, an doriwwer eraus (cf. d'Gebied um Olivebiërg), och wann hie selwer vläicht net verstanen huet firwat de Wee dohi gefouert huet.

**Wéi den Centurio gesinn huet, wat geschitt ass, ... (V. 47) :**

En Heed bescheinegt dem Jesus, datt hien ee Gerechte war, d.h. datt hien dem Herrgott sengem Wëllen no geliewt huet (cf. den zweete Verbriecher). – Den Témoignage vum Centurio um Schluss vun der Passioun ass wichteg fir de Lk, dee jo haaptsächlech fir Heedechrëschte geschriwwen huet.

**An all déi Leit, déi fir dëse Spektakel dohi komm waren ... (V. 48) :**

Zu allen Zäite sinn d'Leit Hiriichtunge kucke gaangen, fir si war et net méi wéi e Spektakel ; mee, elo schloen si sech als Zeeche vun Trauer a Bereien un d'Broscht. – Dem Jesus säi Wierke geet viru, kéint ee bal soen.

**Méi wäit ewech stoungen all seng Bekannten an och d'Fraen, ... (V. 49) :**

Si hunn sech net ze wäit verdréckt, dem Jesus seng 'Bekanntnen', wou bestëmmt och der vun de Jünger drënner waren. – Wichteg ass, datt si do waren, an alles gesinn hunn ; si sinn d'Zeien.

(Fränz Biver-Pettinger)